N°2949
Entrée le 06.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2949 vum 29. September 2025 vum éierbaren Deputéierten, Marc Goergen iwwer de « Site supplémentaire de l'École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg »**

**1. Wat fir eng Krittäre punkto Präis a Qualitéit waren ausschlaggebend, fir beim GridX ze lounen an net op anere Plazen?**

**2. Wéi eng aner Plazen an Offeren huet de Finanzministère analyséiert an iwwerpréift?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro Nr. 2498, resultéiert d'Intentioun vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, fir d'Hotelschoul (EHTL) zu Wickreng unzesidelen, aus der Iwwerleeung, datt et fir den HORECA-Secteur vu grousser Bedeitung ass fir, niewent dem Standuert Dikrech, eng weider Offer am Beräich vun dem Hotelmanagement, der Restauratioun, der Hospitalitéit an dem Tourismus am Süde vum Land unzebidden, fir méi Apprenantë kënnen auszebilden. De Projet vum GridX huet de Virdeel, datt d'Raimlechkeeten direkt konnten de Besoins vun der EHTL entspriechen, ouni datt gréisser a laangwiereg Ëmbauaarbechten hätte misse getätegt ginn. Niewent der geographescher Situatioun an de Realisatiounsméiglechkeeten, waren d'Krittäre vum Präis an d'Anhale vun de Sécherheetsbestëmmungen (ITM) ausschlaggebend fir de Projet.

**3. Wat ass ee gängege Maartpräis fir dës Regierung?**

De Maartpräis variéiert vu Regioun zu Regioun. Mä soll sech net ausserhalb vun enger Forschette beweegen, déi de Staat sech gëtt.

**4. Wéi vill Loyer bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?**

**5. Wéi vill Quadratmeter ginn hei gelouhnt a wéi eng Infrastrukturen a Mobilier bitt de GridX der Hotelschoul?**

De Staat lount ëm déi 5.000 m2 fir d'Hotelsschoul fir ee monatlechen Duerchschnëttspräis vun 21€/m2.

Lëtzebuerg, de 6. November 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth